Commune de **BERTRANGE**

AVIS AU PUBLIC

Hellëf fir d'Ukrain

Mam Zil fir d'Flüchtlingen aus der Ukrain mat alle Mëttel ze ënnerstëtzen, deelt de Schäfferot Iech mat, datt déi Leit, déi der ukrainescher Populatioun finanziell hëllefe wëllen, dëst bei folgenden net-staatlechen Organisatioune maache kennen. Dir kennt op folgend Konten en Don maachen :

Croix-Rouge	CCPL LU52 1111 0000 1111 0000 Communicaton : « Urgence Ukraine »
UNICEF	CCPL LU38 1111 0000 1818 0000 Communication : « urgenceukraine2022 »
Caritas Luxembourg	CCPL LU34 1111 0000 2020 0000 Communication : « Crise en Ukraine »
Médecins sans Frontières	CCPL LU75 1111 0000 4848 0000 Communication : « Appel Fonds d'Urgence »
Care	IBAN: LU28 1111 2588 1923 0000 Communicaton : « Urgence Ukraine »
SOS Villages d'Enfants Monde	CCPL LU65 1111 0050 0053 0000 Communicaton : « Urgence Ukraine »
Kindernothilfe Luxembourg	CCPL LU65 1111 0050 0053 0000 Communicaton : « Urgence Ukraine »
ASBL LUkraine	BCEELULL LU48 0019 4355 7152 8000 Communication : « Donation Ukraine »
Pharmaciens Sans Frontières	CCPL LU21 1111 1057 0875 0000 Communication: « Urgence Ukraine »

All Awunner déi Leit aus der Ukrain wëllt bei sech **doheem ophuelen**, si gebieden sech op der Hotline ze mellen, déi vun der Caritas an der Croix-Rouge, an Zesummenaarbecht mam Familljeministère geréiert gëtt, dëst um +352 621 796 780 oder iwwer E-Mail op Ukraine@zesummeliewen.lu.

Mir bieden Iech eis bei Bedarf matzedeelen op Dir **Gezei oder Spillsaache** fir d'Flüchtlinge braucht.

Gezei a Spillsaachen ginn am **Recycling Center vum SICA** zu L-8287 Kielen, 28 Z.I., gesammelt.

All Persoun aus der Ukraine déi zu Lëtzebuerg ukënnt ass gebieden sech bei der Direction de l'Immigration vum Ausseministère ze mellen : immigration.desk@mae.etat.lu.

Elteren déi mat hire **Kanner** aus der Ukrain kommen si gebieden, sech un den Service de la scolarisation des enfants étrangers (SECAM) vum Educatiounsministère 38 rue Philippe II L-2340 Luxembourg um +352 247-76570 (English) oder +352 247-76976 (Ukrainian) ze wenden.

Jiddereen deen e **Privat Transport** plangt fir Leit aus der Ukrain un d'ukrainesch Grenze sichen ze goen si gebieden, de Ministère ze informéieren : transport.ukraine@mae.etat.lu.

Fir all **konsularesch Fro** vu Leit déi probéieren d'Ukrain ze verloossen oder sech schonn um Transit befannen aus der Ukrain befannen, gëtt recommandéiert eng E-Mail un d'Adresse vun der konsularescher Assisstenz vum Ausseministère ze schécken : assistance.consulaire@mae.etat.lu oder um +352 2478 2386 unzeruffen.

Résidentë déi temporär wëllen en Hond vun engem Flüchtling ophuelen kennen Mme Sylvie LETTAL vun der Croix-Rouge um +352 691 25 09 85 kontaktéieren.

Mir soen Iech am Viraus Merci fir Är Ënnerstëtzung a Générositéit.

Bartreng, de 7. Mäerz 2022

De Schäfferot,

Monique SMIT-THIJS, Frank DEMUYSER, Youri DE SMET